

Zeitung vum 'natur musée' fir jonk Leit

De Panewiippchen

N°90 1/2010

Dës Nummer gouf gemaach an
Zesummenaarbecht mam
Waasserwirtschaftsamt,
Ministère de l'Intérieur et
à la Grande Région,
Administration de la gestion de l'eau

De Panewiippchen gëtt op chlorfräi gebleechte Pabeier gedréckt.



'natur musée' - 25, rue Münster -
L-2160 Lëtzebuerg - Tel.: 462233 450
www.naturmusee.lu
www.panda-club.lu

Waasserdéiercher

Héichwaasser

Krunnewaasserpräis

Waasserhéngchen

Baacherevette

Moukeprabbeli

Waasserfoussofarok

Waasser, d'Quell vum Liewen

Éil

De Panewiippchen gëtt ënnerstëtzt:
Ministère de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche -
Musée national d'histoire naturelle -
Ministère de la Famille et de l'Intégration - Service National de la Jeunesse -
Ministère du Développement durable et des Infrastructures -
Administration de la Nature et des Forêts - Administration de l'Environnement -
Ministère de la Santé -
Ministère de l'Intérieur et à la Grande Région, Administration de la gestion de l'eau -
Ministère de l'Education nationale et de la Formation professionnelle

WUPP NEWS

Impressum:

Redaktionscomité:

S. Backes, C. Brochmann, J. de la Gardelle, S. Goerens, C. Greisen, M. Grosbusch, M. Hagen, S. Hagen, C. Heidt, M. Hoffmann, M. Kirsch, S. Majerus, M. Reichard, F. Theisen, M. Ursone, Y. Wagener.

Texter: C. Bastian, P. Colbach, J. de la Gardelle, S. Goerens, M. Hagen, S. Hagen, C. Heidt, M. Kirsch, P. Michaely, S. Philippo, M. Reichard, M. Thiel.

Grafik an Illustratioun: S. Goerens, S. Hagen.

Fotoen: ©'naturmusée', ©Université de Liège, ©UNICEF.

Wëssenschaftleche Rot:

Waasserwirtschaftsamt.

Déiere Comic

Lisa Jentsch



MÄERZ-JUNI 2010

am 'natur musée'

EVOLUTION UP TO DATE


Virun 150 Joer huet den Charles Darwin säi bedeitend Buch "Entstehung der Arten" erausbruecht. Am Februar 2009 ass weltwäit dem Darwin säin 200te Gebuertsdag gefeiert ginn.

Dës Ausstellung - ganz vum 'natur musée' gemaach - weist wéi d'Naturwëssenschaftler vun haut d'Evolution vun de Liewewiesen op eiser Äerd erklären.

Flott grouss Modeller (vum Kabes iwert d'Orchidee), lieweg, faarweg Fësch, spannend Computer-Animatiounen, "genetesche" Wierfel- an Elektropiller ginn eis eng Hellewull vu Beispiller, wéi d'Déieren an d'Planzen no enger, meeschtens laanger Zäit, aner Mierkmoler opweisen.

Firwat hu verschidde Mënschen eng hell, anerer méi eng donkel Haut? Firwat hu Kaktusse Picken?

Wéi ass et méiglech, datt nei Aarten entstinn? D'Beispiller lesel-Päerd, Tiger-Léiw weisen, firwat et esou schwéier ass, eng kloer Grenz tëschtent zwou Aarten ze zéien, déi no matenee Famill sinn.



Evolution
UP TO DATE

30.10. - 11.04.2010

Standort:
Luxembourg 2009

NATUR MUSÉE | 25, rue Münster 2160 - Luxembourg



Pit Reckinger

Am Oktober 2009 hunn e puer vun iech an engem Panda-Club Nomëtteg beim Mike geléiert, wéi een d'Déiere richtig zeechent an e coolen Déierecomic moolt. Dem Lisa an dem Pit seng Zeechnungen hunn dem Panewippchen am beschte gefall an dir kënnt se lo hei bewonneren.

Neie Mineral vu Fuerscher aus dem 'natur musée' a Brasilien fonnt!

Fuerscher vum 'natur musée' a vun der Uni vu Léck hunn a Brasilien een neit Mineral fonnt. Si hunn him den Numm

Qingheite-(Fe²⁺)

ginn. Dëst Mineral besteet aus Natrium, Eisen, Magnesium, Aluminium a Phosphat. Et gehéiert zur Famill vun de Phosphater an et fënnt een et am Magmagestengs.

Et ass déi éischte Kéier, datt Fuerscher aus dem 'natur musée' bei der Entdeckung vun engem neie Mineral dobäi waren. Et gëtt ongeféier 4.000 verschidde Mineralien an all Joers gi ronderëm d'Welt neier entdeckt.




Foto ©Mnhnl, ULg: ënnert dem Mikroskop. De Qingheite-(Fe²⁺) ass dat brongt Mineral ronderëm dee rouden Deel.

WWW.XUNDCO.DE

X & CO

GEMEINSAM GENIAL!

Ihr seid zwischen 8 und 13 Jahren alt? Ihr interessiert euch dafür, wie richtige Agenten arbeiten? Ihr seid neugierig auf die Welt und denkt, sie warte nur darauf, entdeckt zu werden? Und zwar von euch? Dann seid ihr bei X&Co. richtig. Hier könnt ihr zusammen spannende Agentenaufträge erledigen, Spaß haben und aufregende Entdeckungen machen.

MONSTER-FEISS?



WAT ASS DIR DA GESCHITT?

DËI ANER VULLE MAACHEN DE GANZEN DAG DE GECK MAT MIR. SI NENNE MECH ÈMMER MONSTER-FEISS.

FIRWAT HU MIR IWWERHAAPT ESOU GROUSS FEISS?

MA NATIERLECH FIR IWWER DE SCHLAMM ZE GOEN. MAT ONSE GROUSSE FEISS GI MIR AM BULLI NET ENNER.

STËMMT ET, DATT DENG BEEN GRËNG SINN, WELL SE SCHONNS GANZ MUUSCHTEG SINN?

WIE BEHAAPT DANN ESOU E KABES? NATIERLECH FAULE MIR MENG BEEN NET EWECH. ERWUESSE WAASSERHËNGERCHER SI MAT HIRE GRËNGE BEEN AN DEM ROUDE SCHNIEWEL DACH DËI SCHËINSTE WAASSERVULLEN, DËI ET GINN.

DU HUES NACH NI AN E SPIGEL GEKUCKT: DEE SCHËINSTE SINN NACH ÈMMER ECH! WAT SICHT DIR IWWERHAAPT DE GANZEN DAG AN DEEM BULLI?



NATIERLECH ONST IESSEN: WIERM, LARVE VUN INSEKTEN AN NATIERLECH GRAS, SOME VUN ALL MËIGLECHE KRAIDER AN ALLES WAT MIR FANNEN A WAT GUTT SCHMAACHT.



AN DENG EEËR LEES DU BESTËMMT OCH GANZ EINFACH AN DE BULLI?

EGAL WAT. MIR BAUEN EN NASCHT, WAT UM WAASSER SCHWËMMT AN DORA LEEË MIR ONS EEËR. AN HAL ENDLECH OP ONS ZE NERVEN.

Wat ass am Fong eng Iwwerschwe



Et schwätzt ee vun enger **Iwwerschwemmung** oder engem Héichwaasser, wann d'Waasser op Plaze steet, wou et soss ni steet. Dat kann an enger Wiss sinn oder op engem Feld, mä leider och mol an der Strooss.

Iwwerschwemmunge sinn **natierlech** Phänomener an et si se schonn ëmmer ginn. Vill an deeglaange Reen ass oft d'Ursaach fir Iwwerschwemmungen. Dës hunn och hier guft Säiten, zum Beispill bréngt Waasser Nährstoffer mat, déi dat iwwerschwemmtent Land méi fruchtbar maachen. Ausserdeem ënnerhält dat Waasser d'Fiichtwisen, déi nëmme bestoe kënnen, wa se heiandsou iwwerschwemmt ginn.

Et ginn awer och nach méi **natierlech Moosnamen** géint Iwwerschwemmungen, wéi zum Beispill d'Renaturéierung vun der Uelzecht. Eng Renaturéierung vun enger Baach maachen heescht, dem Waasser méi Plaz ze ginn, fir datt et sech ausbreede kann. Dat heescht, datt decidéiert gëtt, wou d'Waasser sech soll ausbreeden, op Plazen, wou kee Schued huet. Sou verhënnert een, datt et muss bis an d'Stroosse lafen, fir sech auszubreeden. Ausserdeem ka sou eng nei Fiichtwiss entstoen, wou vill Planzen an Déiere wunnen, déi soss néierens wunnen.





Zu **Lëtzebuerg** goufen et an deem leschte Joerhonnert e puer grouss Héichwaasser, z.B. 1920, 1954, 1993, 1995 an 2003, déi ville Leit grouss Misär gemaach hunn, well se d'Stroossen an d'Haiser iwwerschwemmt hunn.




Fir datt dat net méi soll virkommen, ginn et **Moosnamen**, déi vun der Wasserverwaltung ausgeschafft ginn. Zum Beispill ass zu Angelduerf eng Mauer laanscht d'Strooss gebaut ginn, fir datt d'Waasser net méi sou séier ka bei d'Haiser kommen. Bis e gewëssene Waasserstand sinn d'Haiser also geschützt duerch esou e Bauwierk, mä d'Gefor, datt d'Waasser eemol iwwert dës Mauer geet, besteet natierlech.



Ausserdeem gëtt et e ganze Réseau vu **Miessplazen**, wou de Waasserstand vu verschiddene Baachen am Land gemooss gëtt. Soubal deen zevill séier klëmmt, ginn d'Leit aus der **Administration des services de secours** an der **Wasserverwaltung** opmierksam an hale sech bereet fir den Héichwaasserfall. Um Internetsite www.inondations.lu kann een de Waasserstand genee kucken.



emmung – oder en Héichwaasser?



Op dësem Schema gesäit een, wou déi verschidde Waasserstänn op der Mieslat sinn a wéi se sech auswierken.



Bei der Meldestufe 1 ass d'Baach aus hirem normale Bett geklomm an iwwerschwemmt Land, wat soss net ënner Waasser steet. Dëst ass awer nach fir kee geféierlech.

D'Meldestuf 2 ass scho fir d'Véi op de Felder geféierlech, si mussen erageholl ginn an d'Services de secours ginn a Bereetschaft.

Bei de Meldestufen 3 a 4 ass den Héichwaassernoutstand ausgeruff, d'Pompjeeë mussen Kellereen auspumpele goen an de Leit hëllefen aus hiren Haiser ze kommen.



Fir datt d'Leit informéiert sinn ob se an engem Gebitt wunnen, wou et kann zu Iwwerschwemmunge kommen, huet d'Europäesch Unioun elo all Land gefrot fir Héichwaasserkaarten ze maachen. D'Services de secours sinn domat besser virbereet well se genee wëssen, wou wat ka geschéien. Ausserdeem kënnen d'Gemengen esou besser plangen, wou d'ärf gebaut ginn a wou net. Des Informatiounen fënnt een um Internetsite www.waasser.lu.



Et ginn awer och Méiglechkeeten, fir héichwaassersécher ze bauen. Sou zum Beispill dëst Haus, wat op Stelze gebaut ass. D'Waasser ënnendrenner huet Plaz fir sech auszubreeden ouni Schued unzeriichten.



Fir datt d'Leit net vergiessen, wéi héich datt d'Waasser schon eemol stoung a wéi geféierlech datt dat ass, ginn et Schëlde, déi un déi schlémmsten Iwwerschwemmungen erënneren. Ausserdeem kann een Héichwaasserpartnerschafte maachen, fir zesummen a besser géint d'Héichwaasser ze schaffen.





experimentéieren



bastelen



kachen a brachen




Kñiwwe1



Rakéitemaus

Du brauchst: Pobeier, Schéier, Pech, eng eidel Plastikfläsch.



1. Kopéier dës Form op de Pobeier a schneid se aus.



2. Rull se zu enger Tut a pech se zesummen.

3. Pech der Maus Oueren an e Schwanz un, aus enger Gummishänsch oder aus Pobeier.



4. Setz d'Maus op d'Fläsch a knupp mat 2 Hänn widder d'Fläsch.



Brennesselszopp



Du brauchst: e Sifft voller Brennesselsspützen oder 10 gr gedréchent Brennesselen zwou Schalotten dräi Gromperen ee Liter Geméisbriit e Schotz Ram Olivenueleg, Salz a Pfeffer

Dat ass eng typesch Fréijoerszopp, well een déi jonk Spätzen, an nëmmen déi kommen a Fro, am Mäerz plécke kann.

1 Do Gaardenhänschen un a schneid mat enger Gaardeschéier eng Seibecke voll Brennesselsspützen.



Wäsch d'Brennesselsspützen a géff se dobäi.

4



Schneid d'Schalotten a Küben a brod se am Olivenueleg un.

2



Mix d'Zopp mam Püréierstaf reng. Réier d'Ram lues a lues dran. Wierz d'Zopp mat Salz a Pfeffer.

5

3 Schiel d'Gromperen, schneid se a Küben a géff se no e puer Minutten dobäi. Schëdd d'Geméisbriit dran a looss et eng hallef Stonn kaachen.



Gudden Appetit!





Saiten



Fängerhékelen


Du brauchst:
Liederbännercher,
Päerelen.



1. Schrëtt:
Form een Enn vum roude
Liedersbännchen als kleng Schläif
ronderëm däi lénksen Zeigefanger a
maach en einfache Knuet dran.



2. Schrëtt:
Zéi mat deem rietsen Zeigefanger den
orange Liedersbännchen als Schläif vum
hannen no vir duerch déi rout Schläif
an huel se op däi rietsen Zeigefanger.
Hei benotzt du däin Zeigefanger wéi e
Crochet.
Looss de roude Bännche vum Fanger
rutschen.



3. Schrëtt:
Zéi mat der lénkser Hand de
roude Bännchen fest un.



Zéi da mam lénksen Zeigefanger dee
roude Bännchen duerch. Looss den
orange Bännche vum Fanger rutschen
an zéi e fest.

Zéi erëm Orange duerch asw., maach
ëmmer weider de Schrëtt 2 an 3.
Du kanns och Päerle mat dran hékelen.

Herno d'Enner
matenee
verknieden.




Bracelet


Du brauchst:
Ongeféier 100
Versécherungsspéngelen,
1 Meter duerchsiichtege
Gummisbännchen
(Bastelbuttik)
Kleng Päerelen a Pailletten a
verschiddene Faarwen.



Füll d'Halschent vun de Sécherheetsnolen
mat Päerelen a Pailletten.
Maach d'Nolen zou.
Pétz mat enger klenger Zaang de Kapp
vun der Versécherungsspéngel zou (Da ka
se net opgoen an dech picken).




Lee de Gummisbännchen
a Form vun engem U
dohin. Zéi déi eng Sait
vum Bännchen duerch
de Verschluss vun der
Sécherheetsnol an
déi aner Sait duerch
déi ronn Ös vun der
Sécherheetsnol.



Lee dono eng eidel Sécherheetsnol den
anere Wee dohin an zéi déi zwee Enner
vum Gummisbännchen derduerch.
Fiedel ofwiesselnd eng voll an eng eidel
Sécherheetsnol op de Bännchen bis du
déi richtig Längt fir de Bracelet hues.

Schneid herno de Gummisbännchen an der
Mëtt duerch, téschent dem Verschluss an der
Ös vun der éischer Nol.
Pass op, datt d'Nolen net erof
rutschen!

Maach Kniat an déi zwee
Enner vum Gummisbännchen a
fäerdeg ass däi
Bracelet.



Verstellbare Verschluss

fir eng Ketten oder e Bracelet.

Dofir déi zwee Enner vum Bännchen
wäit iwerenee leeën. Duerno een Enn
huelen an net ze fest iwwert dat duebel
geluechte Bännche knieden.
Mat deem aneren Enn dat selwescht
maachen.
Wann s du d'Kniat auserneen zitts, gëtt
d'Ketten (Bracelet) méi kuerz.
Zitts du un der Ketten (Bracelet) selwer,
gëtt se méi laang.




Firwat kascht

d'Kru



Et ass haut selbstverständlech, datt mer doheem Waasser kënnen um Krunn zape fir ze drénken, ze kachen an ze botzen.



De Service vum Dré d'Resultat vun der A ganz ville Leit, déi o schaffen. Si kucken Bauwierker a kontro Qualitéit vum Dré




Fréier huet een d'Waasser misse bei eng Quell oder ee Bur siche goen, A ville Länner ass dat haut och nach de Fall.



350 QUELLFAASSUNGEN ODER QUELLBUERUNGEN FIR D'WAASSER AUS DEM BUEDEM ZE HUELEN

D'Waasser kascht näischt, wann et an der Natur leeft. Fir datt mir Mënschen et kënnen doheem um Krunn zapen, muss et awer fir d'éischt gefasst an da mat Leitunge bis an d'Haus transportéiert ginn. Nodeems mir d'Waasser gebraucht hunn, muss dat knaschtegt Waasser nees mat Kanäl bis bei eng Kläranlag transportéiert ginn. Do gëtt et gebotzt, ier et an d'Baachen oder an d'Flëss zrëckleeff. Fir datt d'Waasser vum Krunn ka gedronk ginn, muss et propper sinn. Dowéinst mussen d'Quelle geschützt ginn an d'Waasser heiansdo och gereengegt ginn.



Di meescht Bauwierker gesi mer net, well se am Buedem leien.



400 BEHÄLTERE FIR D'WAASSER ZE STOCKÉIEREN



5000KM DRÉNKWAASSERLEITUNGEN FIR D'WAASSER BEI EIS AN D'HAUS ZE TRANSPORTÉIEREN




5000KM OFWAASSERKANÄL FIR DAT KNASCHTEGT WAASSER NEES BEI DËI ...

... 300 KLÄRANLAGEN ZE BRÉNGEN, WOU ET DA GEBOTZT GËTT.



All des Infrastrukturen hunn net nëmme misse gebaut ginn, mee müssen ëmmer nees gefléckt oder ersat ginn, wa se futti sinn, genee wéi een Auto ëmmer nees an d'Garage zrëck muss fir eng Revisioun.



Wéi gëtt d' fir d'Waasser an Haus ze De Waasserp

Wannnewaasser eppes?



Drénkwaasser ass
arbecht vu
op de Gemenge
all Dag no de
Méiere di gutt
waasser.


Dëst bedeit also, datt verschidde
Gemenge méi Bauwierker mussen
bauen, fir datt all Bierger d'Waasser
kann heem bruecht kréien.

Datt d'Waasser
net dee
Land. Dëst huet
Heiansdo mussen
er wäit siche goen,
er Stad selwer kee
kee Waasser am
'Quell méi wäit
ertschaft ass,
e méi laang sinn.

An enger Stad wunnen d'Leit méi
no openee wéi um Duerf, wou
d'Haiser méi wäit ausernee stinn.
Um Duerf muss d'Gemeng also méi
laang Leitunge leeën, fir all Haus
unzeschléissen. Dëst bedeit also,
datt um Land méi laang Leitunge
mussen geluegt ginn, wéi an enger
Stad. Um Land ass d'Waasser
domat méi deier.



Wannnewaasserpréis dann elo gerechent?



Préis setzt sech aus verschidde Käschten zesummen, déi ufalen, a sech bréngen an nees propper zréck an d'Natur lafen ze loosse.

FIR 6 EURO: 1000L KRUNNEWAASSER ODER 10 L FLÄSCHEWAASSER



Wat kascht d'Waasser dann elo am Land?

Wéi mer virdru gesinn hunn, ginn et Ënnerscheeder vum Waasserpréis an de verschidde Gemengen. Iwwert d'ganz Land kann ee soen, datt mer tëschent 5 an 9 Euro pro Kubikmeter Waasser (pro tausend Liter) mussen bezuelen, oder tëschent 0,005 an 0,009 Euro pro Liter. Dogéint kascht 1 Liter Fläschewaasser ongeféier 0,55 Euro am Geschäft, also honnert mol méi. Ee Mënsch zu Lëtzebuerg zaapt all Joer am Schnëtt 50.000 Liter Waasser um Krunn. Also gëtt all Bierger vu Lëtzebuerg ongeféier tëschent 250 a 450 Euro pro Joer fir d'Waasser um Krunn aus. An Europa sinn d'Leit sech bewosst ginn, datt se mam Waasser méi spuwersam ewéi bis elo emgoë mussen, och wa mer nach genuch Drénkwaasser zur Verfügung hunn. Dëst war fréier leider net de Fall.

0.005-0.009 EURO/LITER

0.55 EURO/LITER



Waasser-Foussofdrock



Mir brauche Waasser

Hei zu Lëtzebuerg brauch ee Mënsch an engem Dag dofir **140L** iter Waasser.

An Däitschland brauch ee Mënsch an engem Dag **129L** iter Waasser.



Verstopptent Waasser!

Dat ass awer net all d'Waasser wat mir verbrauchen! Komm, mir ginn akafen:

Sou, an elo hu mir, ouni et ze mierken, vill verstopptent Waasser gebraucht. Wéi dat? Fir déi Wueren, déi mir kaaft hunn, ze maachen a bis bei eis ze bréngen gëtt vill Waasser gebraucht.

Beispill Rëndfleisch:

3 Joer laang dauert et bis e Rëndvéi preft ass fir Fleisch ze ginn. An deenen 3 Joer brauch et Waasser:



Sou e Rëndvéi gëtt ongeféier 200kg Fleisch. Gescheit Leit hunn ausgerechent, datt fir 1Kg Rëndfleisch 15.500Liter Waasser verbraucht ginn!



Ähnlech ass et mam Räis, mam Weess fir d'Miel, mam Kotteng fir d'Jeansbox, ... Fir Kaffi a Fleisch ze kréien, gëtt am meeschte Waasser gebraucht.

Wa mir am Wanter Äerdbier oder Tomate kafen, aus Länner, wou et net vill Waasser gëtt (z.B. Spuenien), dann droe mir dozou bäi fir enorm vill Waasser ze verbrauchen. Do muss ganz vill genetzt ginn an dofir ginn d'Waasserreserven ugezaapt a lues a lues hunn d'Leit do ëmmer manner Waasser. Dofir ass et vill besser, Äerdbier (an och aner Uebst- a Geméisarten) vun hei aus der Géigend ze kafen an nëmmen zu deeër Joereszäit, wou et bei eis hei wisst.

Fudder: 15.300L



Drénken: 24.000L



Stall botzen: 7.000L



Schluechten ...



Transport ...



Waasser-Foussofdrock

All dat Waasser, wat gebraucht gëtt, fir Wueren (déi d'Mënsche brauchen fir ze liewen) hirzestellen an ze transportéieren, dat nennt een de **Waasser-Foussofdrock**.

Dee Waasser-Foussofdrock muss ee mam Waasser zesummerechnen, dat d'Leit all Dag am Haushalt brauchen, da fënnt een de «richtege» Wasserverbrauch eraus: An Däitschland verbraucht sou ee Mënsch an engem Dag 4.000L Waasser, dat si méi wéi 20 Buedbiden voll. Vu Lëtzebuerg huet de Panewippchen leider keng Zuel fonnt.


Fir d'Elteren:

- fir e bessere Waasser-Foussofdrock:
- Saisonuebst a -geméis kafen,
- einheimesch Wueren kafen, sou wäit et méiglech ass
- Fleisch- a Kaffikonsum reduzéieren
- Biowueren kafen (duerch Pestiziden an Düngemittel gëtt vill Waasser verschmotzt)


Fësch op Weltrees



Keng Panik, ech sinn et dach nëmmen: de Jempi Laangfësch. Well ech an der Musel widder eng Mauer komm sinn, krauchen ech e kuerzt Stéck inwert d'Ufer fir hannert der Mauer rëm an d'Waasser ze goen.



Als Mini-Éile schwamme mir dann an d'Baachen, fir rëm op déi Plazen ze kommen, wou ons Eltere gelieft hunn.



Aus engem Ee sinn ech als Laangfësch-Larv geklommen. De Golfstrom huet ons bis bei déi europäesch Küste geschwemmt.



Du bass awer e komesche Fësch! Kanns du och schwammen?

Natierlech oder fir wat mengs Du, datt ech Flossen hunn. So, ass et nach wäit bis an d'Sauer?

Bis an d'Sauer ass et nach e Stéck. Waars du dann nach ni do?

Neen, ech kommen aus dem Sargasso-Mier a schwamme bis an d'Sauer, wou meng Eltere gelieft hunn.



Wou ass dat Sardinnen-Mier dann? Waren deng Elteren do an der Vakanz an hunn dech dohanne vergiess?

Egal wat! Déi erwuesse Laangfësch liewen an de Baachen. Wa se ongefëier 10 Joer al sinn schwamme se bis an d'Sargasso-Mier, dat ass am Atlantik an der Géigend vu Mexiko. Op dëser laanger Rees iesse si näischt méi.



An, bass du och op Regime? A wéi hunn deng Elteren dann de Wee bis an d'Mier fonnt?

Neen, ech ginn nuets op d'Suegd no Waasser-Insekten, Baach-Crevetten, Muschelen a klenge Fësch. Mir Éile kënnen ons wéi d'Zuchvullen um Magnéitfeld vun der Äerd orientéieren. Wéi meng Elteren dohannen ukomm waren, hu si Eeër geluet an duerno si si gestuerwen.



Wéi fënns du dann déi Baach, wou deng Eltere gelieft hunn?

Dat ass onst grousst Geheimnis. An elo krauchen ech weider. Äddi.

Wéi déi jonk Éilen déi richtig Baach fannen ass nach net genee gewosst (mäicht duerch de Geroch). A ganz Europa päift den Éil um leschte Lach. Schold drun ass d'Fësche vu jonken Éilen, Schleisen a Staudämm ouni Fëschtrape an natierlech och d'Waasserverschmutzung.

Waasserdéieren aus Baachen a Flëss

An de Baachen a Flëss liewe vill Insektlarven, Schleecken, Muschelen a sou weider. Je nodeem wat fir Déiercher dra sinn, weess een ob d'Waasser propper oder Knaschteg ass. Et ginn Déiercher, déi am Knaschtege Waasser liewe kënnen, anerer ginn do futti. D'Qualitéit vum Waasser gëtt a 5 Klassen agedeelt, zu deenen och 5 Faarwe gehéieren:

1. ganz proppert Waasser ass blo
2. proppert Waasser ass gréng
3. e bësse proppert Waasser ass giel
4. Knaschteg Waasser ass orange
5. ganz Knaschteg Waasser ass rout



KIEWERLEKELARVEN
 bis zu 15 mm
 (Käferlarven)
 Laténgeschen Numm:
 Coleoptera

Si hunn als erwuessene Kiewerlek e Panzer an der Larv meechtens a buer gepanzert Segmenter an hannen en Ufhängsel.

Si verbréngen als Erwuessenen e groussen Deel vum hirem Liewen am Waasser, kënnen awer och super gutt fléien. Vir Zorten iwwerwanteren och am Waasser, wou se dann a Wanterstarre falen. Si joen aner kleng Waasserdéieren fir z'iessen. Et gëtt se an Europa, Asien, an Nordamerika.

STEEMÉCKELARVEN



(Steinfliegenlarven)
 Laténgeschen Numm: Plecoptera

Danzméckelarven
 Hiren Numm verdanken se der Eegenschaft, datt se ëmmer zuckend oder a Schwärm maachen.
 Laténgeschen Numm: Chironomidae
 bis 15 mm



Si hunn hannen 2 Schwänz un deene se gutt ze erkenne sinn. Si liewen um Ufer vun de Baachen a sträifen hir Eeër am Waasser of. D'Larve friessen Algen a faulend Pflanzendeeler an och all kleng Waasserdéieren. Et gëtt se a ganz Europa.

D'Weibche leet d'Eeër direkt iwwert dem Waasser of oder op Planze beim Waasser. Si liewen am Sand, Kiesel, op de Steng oder un de Waasserplanzen. Si kënnen och am Salzwaasser liewen. Si friessen Algen, Ofbau- a Schwiefstoffer am Waasser. Bei de Fëscher si se als Fëschfudder ganz beléift. Et gëtt se op alle Kontinenter an am Mier.



Meeméckelarven
 bis 15 mm
 Hiren däitschen Numm «Eintagsfliege» hu se kritt, well se als Méck meeschtens nëmmen 1-4 Deeg liewen.
 Laténgeschen Numm: Ephemeroptera

Si gesinn ähnlech aus ewéi Stengméckelarven, hunn awer 3 Schwänz oder Fiedem hannen. Si liewen och um Rand vun de Gewässer a leeën hir Eeër och an d'Waasser. Meeschtens sinn d'Larven ënnert de Steng ze fannen. Si friesse meeschtens kleng Waasserdéieren. Et gëtt se a ganz Europa, ausser verschidden Zorten, déi net a Skandinavien virkommen.

KÄCHERMÉCKELARVEN

(Köcherfliegenlarven)
 Laténgeschen Numm: Trichoptera

ESOUWER BIS 70 mm


Si liewen als Méck och an der Géigend vun de Baachen an d'Larven am Waasser. Déi entwéckele sech zur Popp, déi dann un d'Uewerfläch vum Waasser kommen an erausfléien. Si friessen och Pflanzenoffäll an aner Insektlarven. Et gëtt se a ganz Europa, Asien an Nordamerika.



De Moukeprabbeli

Hues du dech net och alt schonns emol gefrot, wéi eng Planz mat riseg grouse Blieder a roudelzechem Still nient de Baachen oder am fiichte, suppege Bësch steet? Soll dat vläicht Rubarb sinn, deen hei wëll wiisst? Ma neen, dat ass kee Rubarb, mä eng eenheemesch Planz mam lëschtigen Numm Moukeprabbeli. Awer och de franséschen Numm „chapeau du diable“, den engleschen „butterbur“ an den däitschen „Pestwurz“ sinn zimlech mysteriéis.

De Moukeprabbeli huet awer net nëmmen e lëschtigen Numm, mä gesäit och nach zimlech komesch aus.




Am Fréijoer, esou tèschent Mäerz a Mee fanne mir eng Blumm mat zimlech klenge Blieder an enger helle Wull vu Bléien, déi uewen op engem roudelzege Still sëtzen (e bëssi esou wéi bei enger ëmgedréiter Toilettebiischt). Dës Form vu Bléi nennt de Planzespezialist, also de Botaniker, ee Kolben.

Wann dann d'Bléien um Kolbe wieleg sinn, fänken op eemol d'Blieder wéi wëll u mat wuessen an halen eréischt op, wa se sou ëm déi 60 cm grouss sinn.

De Moukeprabbeli ass och keng empfindlech Planz, si ka sech gutt duerchsetzen an ass dofir dachs ze gesinn. Wat se guer net gären huet ass sandege Buedem, si huet et léiwer fiicht a wiisst gäre laanscht Baachen a Suppen.



De Moukeprabbeli ass eng Heelplanz. Haut wësse mir, datt hir ätheresch Ueleger* gutt géint starke Kappwéi an Heeschnapp hëllef; d'Planz gouf awer och schonns vun de Griichen an de Réimer géint Wonnen, déi schlecht heelen agesat an am Mëttelalter hu se geduecht, et kéint een domadder d'Pescht verdriewen (dohier kënnt och den däitschen Numm „Pestwurz“). An ech denke mir, du kanns der och virstellen, wou de lëtzebuerger Numm hier kënnt!



Ech sängen am Regen ...

Mir sinn awer bëis op de Mënsch kumm!


Jo, do rennt schonns d'Mouke mat engem Prabbeli ronderëm!

*Äthereschen Ueleg: eng Flëssegkeet, déi aus der Planz erausgezu gëtt, déi staark richt an un der Loft verflitt.

Waasser, d'Quellvum Liewen

Waasser ass wichtig,
fir gesond ze bleiwen!

6 Glieser den Dag!



Mir brauche proppert Waasser fir ze drénken, fir ze kachen, Uebst a Geméis ze wäschen, a fir eis ze wäschen.
Mir brauchen awer och Waasser fir eis Kleeder ze wäschen, op der Toilette ze spullen, eis Haiser ze botzen oder eis Felder a Gäert ze bewässeren.

Jiddferee sollt 6 Glieser Waasser den Dag drénken. (Déi méi Kleng drénken aus klenge Glieser an déi méi Grouss drénken aus grouse Glieser.) Dat si jee no Alter a Gréisst tëschtent 1 an 1,5 Liter. Regelméisseg drénken: och wann ee grad keen Dusch huet, soll een eppes drénken.




Drénkwaasser ronderëm d'Welt

Wa mir Waasser brauchen, dréine mir einfach de Krunn op a kréie proppert Drénkwaasser. Mä op ville Plazen an dëser Welt ass dat net sou einfach.

Somalia



D'Amina huet 11 Joer an hatt leeft an engem klenge somaleschen Duerf. Do huet et scho säit Joeren net méi richtig gereent, an dofir ass am Pëtz vum Duerf kee Waasser méi. Fir datt d'Famill awer Waasser kriit, mussen d'Amina a seng Schwëstere es all Dag bei e Waasserlach siche goen. An dat ass eng ustrengend Aarbecht: Si si méi wéi eng Stonn ënnerwee, an de Wee zréck duerch d'Hëtzt mat engem vollen Eemer um Kapp, deen 10 Kilo weit, ass immens ustrengend.



Dat wat si an engem Dag heem schleefen, geet grad duer fir ze drénken an ze kachen, dat si 5 Liter op de Kapp.



Doheem gëtt d'Waasser e puer Stonnen an d'Sonn gesat. D'UV-Strahle maachen eng Parti Krankheets-erreeger futti, déi am Waasser sinn, an d'**Sedimenter*** hunn Zäit fir sech ze setzen. Wa si Waasser direkt aus dem Waasserlach drénken, kréie si dachs Féiwer a schlëmm de Bauch

wéi – dat läit un de Krankheetserreeger, déi am Waasser sinn.



Drénken ass liewenswichtig!


De Mënsch besteet tëschent 55% (eeler Leit) a 75% (Puppelcher) aus Waasser.

Waasser ass net nëmmen ee wichtige Bausteen vum Kierper, mä et huet och wichteg Aufgaben: z.B. transportéiert et d'Nährstoffer bei d'Zellen am Kierper an et hält eis Kierpertemperatur ëmmer d'nämlecht op 36,5 Grad. Wann et am Summer waarm ass oder wa mer eis vill beweegen, da fänke mer un mat schweessen, doduerch gëtt de Kierper déi iwverschësseg Hëtzt lass an d'Kierpertemperatur geet net erop.

De Kierper kann also ouni Waasser net funktionéieren. Well mer awer keng grouss Waasserreserven uleeë kënnen, musse mer regelméisseg genuch drénken, fir dat verbrauchent an ausgescheent Waasser ze ersetzen.

3 gutt Grënn fir Krunnewaasser ze drénken!


Krunnewaasser ass dat Liewensmëttel, wat bei eis am beschte kontrolléiert gëtt, et ass garantéiert propper. D'Waasser aus dem Krunn ass méi bëlleg wéi d'Waasser aus Fläschen. D'Waasser aus dem Krunn schount d'Ëmwelt, well et kënnt direkt iwwert eng Leitung bei eis an d'Haus, ouni Transportweeër iwwert d'Strooss



Vietnam



D'Qui ass 10 Joer al a wunnt am Mekongdelta, am Süde vum Vietnam. Do reent et vill an et ginn och vill Iwwerschwemmungen. Trotzdem hunn d'Leit do kee propper Drénkwaasser. Si zape sech Waasser aus engem vun de ville Kanäl, déi et ronderëm d'Duerf gëtt. Si hätten am Prinzip genuch Waasser fir ze drénken, ze kachen a sech an och hir Kleeder ze wäschen, dat si sou 15 bis 25 Liter op de Kapp, pro Dag.



Mä, virun allem no den Iwwerschwemmunge schmaacht d'Waasser komesch, an de Leit am Duerf ass opgefall, datt si da méi dachs krank ginn. Dat kënnt duerch d'Iwwerschwemmungen, déi Dünger a Pestizide vun de Felder, mä och Déierfekalien* an de Kanal spullen, aus deem dem Qui säin Duerf säi Waasser kritt. Doduercher kommen dann all méiglech Krankheetserreeger a Chemikalien an d'Waasser, a wa si d'Waasser drénken oder sech domadder wäschen, da kënne si krank ginn.



Dem Qui seng Mamm kacht d'Waasser, ier si et drénken. Dat mécht d'Krankheetserreeger futti, déi am Waasser schwammen an doduerch gi si manner krank.

D'Baachcrevette

A detailed illustration of a crayfish, shown from a top-down perspective, resting on a bed of smooth, rounded river stones. The crayfish has a yellowish-brown body with darker brown markings on its back and legs. Its long antennae and pincers are clearly visible. The stones are rendered in shades of grey and white, with red outlines that give them a stylized, almost mosaic-like appearance.

Dës Baachcrevette ass een 10 bis 15 mm grouse Kriibs, deen a ville Baachen a Flëss hei zu Lëtzebuerg ze fannen ass. Et kann een e ganz lëcht erkennen, well en enger Crevette oder engem Scampi gläicht, mat deenen hien och Famill ass.

Wéi vill aner Liewewiesen (z.B. Steeméckelarv, d'Meeméckelarv, d'Köcherméckelarv, den Eegel....) gétt d'Baachcrevette eis eng Iddi vun der Waasserqualitéit. Well d'Baachcrevette brauch e sauerstoffräicht Waasser, wat net allzevill verschmotzt ass. Dofir ass si och een «Indikator» fir Baache mat enger mëttlerer Waasserqualitéit. Fir sech géint d'Ofdriften an och seng vill Friessfeinden ze schützen, lieft d'Baachcrevette déi meeschten Zäit um Buedem, tëschent de Steng an am Planzegewull.

Um Menu vun eiser Crevette sti verfaulten Déieren a Planzen, awer och Champignonen, Bakterien an aner ganz kleng Déieren. D'Baachcrevette frësst also bal alles a spillt eng wichteg Roll an der Ernährungsketten. Si ass fir Inten a Fësch (ënner anerem och Frellen) e Fudderdéier. Lieweg sinn dës Kriibsen wäiss-gro. Kuerz no hierem Doud verfierwe si sech kräfteg orange. Dofir ass och d'Fleesch vun der Frell, déi vill Baachcrevette giess huet, orange bis saumonrou.